



4. 7468 - Projet de loi modifiant :

1° la loi du 27 juin 2016 concernant la compatibilité électromagnétique ;

2° la loi du 27 juin 2016 concernant la mise à disposition sur le marché d'équipements radioélectriques

Als nächste Punkt hu mer de Projet de loi 7468 iwwert déi elektromagnéitesch Kompatibilitéit. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert kritt elo direkt d'Rapportrice vun dësem Projet de loi, déi honorabel Madamm Lydia Mutsch. Madamm Mutsch, Dir hutt d'Wuert.

Rapport de la Commission de l'Économie, de la Protection des consommateurs et de l'Espace

► **Mme Lydia Mutsch** (LSAP), rapportrice.- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, 2016 hu mir hei am Mee an am Juni zwee Projet-de-loie gestëmmt - unanime iwwregens, d'Madamm Burton war deemools Rapporteur -, déi wuel ganz technesch waren, awer ganz wichteg Projeten, well et drëm gaangen ass, fir eenheetlech Reegele fir eist Land anzeféiere fir elektronesch Geräter a Funkanlagen. Et war natierlech wichteg, fir déi Reegelen anzeféiere fir Produzenten, fir déi Leit, déi dat kommerzialiséieren, fir déi Leit, déi dat importéieren, mee et war awer och ganz wichteg fir d'Konsumenten.

Dir wësst vläicht direkt, vu wat ech schwätzen, wann ech lech soen: „Déi zwee Buschtawen CE, déi Dir heiansdo op esou Geräter erëmfannt“, dat ass eng Kennzeechnung, déi weist, dass do déi Qualitéitsreegele respektéiert sinn.

Bon, well et esou wichteg Projete waren, huet den Här Cruchten gemengt, hätt am Fong dat heiten, wat mir haut diskutéieren, e Modell 2 verdéngt, mee mir hunn eis awer an der Kommissioun op de Basismodell géeenegt, soudass ech dat och elo ganz kuerz maachen, firwat mer dann haut, knapps dräi Joer duerno, mat deene Gesetzter erëmkommen an eng Modifikatioun maachen.

Majo ganz einfach, well mer eng europäesch Reglementatioun kritt hunn, déi elo mécht, dass mer e partielle Vide juridique hunn am Beräich vun der ziviller Aviatioun. Et geet nämlech drëm, dass mer d'Méiglechkeet hunn, fir an dat heite Gesetz, an déi gesetzlech Dispositiounen, d'Drone mat ze integréieren, also ferngesteiert Fluchkierperen, déi ënner 150

Gramm schwéier sinn, fir dass déi och ënnert d'Dispositiounen vun där heiter Legislatioun kënne falen a mir domadder och deenen Instanzen, déi bei eis dofir zoustänneg sinn - dat ass an deem Fall den ILNAS -, d'Méiglechkeet ginn, fir eng kloer gesetzlech Grondlag ze hunn, fir och déi Geräter d'nämmlecht ze préiwe wéi och an deenen aneren Dispositiounen, déi fir déi scho geltend elektronesch Geräter en place sinn.

An da géif ech lech bieden, well weeder de Staatsrot nach d'Chamberskommissioun e Problem domadder haten, fir dësem Gesetz Är Zoustëmmung ze ginn. Ech op alle Fall brénge se mat fir d'LSAP-Fraktioun a soen lech Merci fir Är Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Madamm Mutsch. Als éischte Riedner ass den honorabelen Här Claude Wiseler agedroen.

Discussion générale

► **M. Claude Wiseler** (CSV).- Merci, Här President. D'Madamm Mutsch huet dat perfekt erkläert. Ech soen hir Merci a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Wiseler. An dann den Här Guy Arendt.

► **M. Guy Arendt** (DP).- Merci, Här President. D'Madamm Mutsch huet dat exzellent gemaach. Ech soen hir Merci an ech ginn d'Zoustëmmung vun der DP.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Den Här Charles Margue, wannechgelift.

► **M. Charles Margue** (déi gréng).- Dee schléisst sech senge Virgänger un a seet der Madamm Mutsch Merci, fir och de Pleséier gehat ze hunn, dass si dee leschte Projet den Owend virgestallt huet amplaz vu mir, duerch de Changement vum Ordre du jour. Ech ginn den Accord vun deene Gréngen.

(Brouhaha)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci, Här Margue. An da wier et um honorabelen Här Jeff Engelen.

► **M. Jeff Engelen** (ADR).- Jo, ech schwätzen elo nach zéng Minutten. Nee, mir soen der Madamm Lydia Mutsch villmools Merci fir hire

Bericht a mir géifen d'Zoustëmmung gi vun der ADR.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Engelen. An da wier et um Här Marc Baum.

(Brouhaha)

► **M. Marc Baum** (déi Lénk).- Här President, och mäin Onbelëiftheetsfaktor ass net onendlech. Och mir ginn d'Zoustëmmung zu dësem Gesetz.

► **Plusieurs voix.**- A!

(Hilarité)

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Baum. An da wier et un der Regierung, un dem Här Étienne Schneider.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Étienne Schneider**, *Ministre de l'Économie*.- Vu dass den Här Baum näischt aussetzen huet, hunn ech och näischt ze soen, ...

(Hilarité)

... ausser der Madamm Mutsch Merci ze soe fir deen exzellente Rapport. Merci villmools.

► **M. Fernand Etgen**, *Président*.- Merci villmools, Här Minister. D'Diskussioun ass elo ofgeschloss. Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7468.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7468 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmme fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann de Vott par procuration. De Vott ass heimat ofgeschloss.

Dëse Projet de loi ass mat 60 Jo-Stëmmen eestëmmegeg uegholl.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Françoise Hetto-Gaasch), Paul Galles, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Jean-Marie Halsdorf (par M. Marco Schank), Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, MM. Aly Kaes, Marc Lies, Georges Mischo (par M. Marc Spautz), Mme Octavie Modert, M. Laurent Mosar, Mme Viviane Reding (par M. Paul Galles), MM. Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Claude Wiseler), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Mme Joëlle Elvinger (par M. Gusty

Graas), MM. Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mmes Carole Hartmann et Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

MM. Dan Biancalana, Alex Bodry, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot (par M. Alex Bodry), Claude Haagen et Mme Lydia Mutsch ;

Mme Semiray Ahmedova, MM. Carlo Back, François Benoy, Mmes Djuna Bernard (par Mme Josée Lorsché), Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché et M. Charles Margue ;

MM. Jeff Engelen, Gast Gibéryen (par M. Fernand Kartheiser), Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen ;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

5. Discours de fin d'année de M. le Président

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, domadder wiere mer um Enn vun der leschter éffentlecher Sitzung fir dëst Joer ukomm. A well mir laang Debatten haten, haut an iwwerhaapt dës Woch, halen ech mech elo ganz, ganz kuerz.


Ech wëll just e puer Mercie soen: dem Generalsekretär Claude Frieseisen a sengen zwee Adjunkten Benoît Reiter an Isabelle Barra, de Mat-aarbechter aus der Verwaltung, de Fraktiounen, dem Groupe technique an der Sensibilitéit, déi vill a gutt am Hannergrond schaffen, fir datt mir als Deputéiert eis Aarbechte gutt kënne maachen.

Iech alleguer heibanne Merci fir Är gutt Disziplin, der parlamentarescher Press fir hir Efforten, de Leit eis Aarbecht méi no ze bréngen.

Ech wënschen Iech alleguer heibannen an do-bausse schéin a roueg Feierdeeg an e flotte Joreswiessel.

Déi nächst Sitzunge si fir den 21., 22. an 23. Januar virgesinn. D'Sitzung ass opgehewen.

(La séance publique est levée à 22.44 heures.)



Présidence : M. Fernand Etgen, Président • M. Mars Di Bartolomeo, Vice-Président

Sommaire

- Ouverture de la séance publique
 - M. Fernand Etgen, Président
- Hommage à la mémoire de M. Nic Estgen, député honoraire
 - M. Fernand Etgen, Président
- Communications
 - M. Fernand Etgen, Président
- 7509 - Proposition de loi
 - portant modification de la loi modifiée du 21 décembre 2007 portant réglementation du financement des partis politiques
 - portant modification de la loi électorale modifiée du 18 février 2003
 - Déclaration de recevabilité : M. Fernand Etgen, Président
- Ordre du jour
 - M. Fernand Etgen, Président
- Hommage à M. Alex Bodry
 - M. Fernand Etgen, Président
- Vérification des pouvoirs et assermentation de deux nouveaux membres de la Chambre des Députés
 - M. Fernand Etgen, Président - M. Claude Lamberty - M. Fernand Etgen, Président - Mme Simone Asselborn-Bintz

- Changements de composition des organes de la Chambre des Députés
 - M. Fernand Etgen, Président
- Changements de composition de commissions parlementaires
 - M. Fernand Etgen, Président
- Dépôt d'une motion par M. Fernand Kartheiser
 - M. Fernand Kartheiser
- Changements de composition de délégations parlementaires luxembourgeoises auprès d'assemblées parlementaires internationales
 - M. Fernand Etgen, Président
- Question élargie n° 26 de M. Laurent Mosar relative aux activités des sociétés JOIN, filiales de l'établissement public POST Luxembourg
 - M. Laurent Mosar - M. Étienne Schneider, Ministre de l'Économie
- Interpellation de M. Serge Wilmes au sujet du PIB du bien-être
 - Exposé : M. Serge Wilmes (intervention de M. André Bauler) (dépôt des motions 1 à 3)
 - Débat : M. André Bauler
 - M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance (annonce du décès de M. Eugène Berger)
 - Suspension de la séance publique de 16.36 à 16.37 heures
 - M. Fernand Etgen, Président (mots de condoléances et clôture de la séance publique)

Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Étienne Schneider, Vice-Premier Ministre ; M. Dan Kersch, M. Marc Hansen et M. Lex Delles, Ministres.